


*© Not Putting on a Shirt*

## Dës Patientinne sinn zefridde mam AFC

“Et deet gutt net méi sou vill Angscht ze hunn.“

*S. K. huet sech präventiv hir Brëscht erofhuele gelooss, wéi si vun hirer BCRA 1 Mutatioun gewuer gouf.*

“Endlech keng weider Operatioune méi!“

*A. S. lieft mat engem flaache Broschtkuerf, nodeems hir Implantater net méi gutt waren an eraus geholl goufen.*

“E Gefill vun Erliichterung a Wuelbefannen.“

*M. K. krut en AFC bei enger zweeter Operatioun no enger fräiwëlleger, duebeler Mastektomie.*

Fir d’Inspiratioun bei der Entwécklung vun dësem Flyer soe mir de Frae vun:

**AMSOB - Ablatio mammae Selbstbewusst ohne Brust**
www.amsob.de

**Not Putting on a Shirt**
www.notputtingonashirt.org

Merci fir déi onermiddlech Aarbecht, fir den AFC alle betraffene Fraen zougänglech ze maachen!

## Du bass net eleng

Eng ganz grouss Zuel vu Frae verléieren eng Broscht oder hir Brëscht, duerch eng Mastektomie bei der Behandlung oder well si präventiv eng Broschtkriibserkrankung verhënnere wëllen. Et gi Fraen déi leider vun enger Genmutatioun betraff sinn. Aner Fraen mussen oder wëllen hir Broschtimplantater eraushuele loossen, well si déi net méi verdroen.

Du bass just diagnostizéiert, a Behandlung, a Remissioun oder virun enger Explantatioun. Et gi ganz vill Informatiounen, a ville Sproochen, fir Fraen déi plangen no hirer Mastektomie schéi flaach ze bleiwen.

Scan dëse **QR Code** an entdeck Berichter, Filmer, Fotoen, Hëllefsgruppen, Websäiten, Informatiounen, Organisatiounen, interessant Podcasten a flott Webinären iwwert den AFC. Léier interessant Frae kennen, déi wéineger wéi zwou Brëscht hunn. Si weisen dir, a kreativer Manéier, wéi et sech ufillt an ugesäit mat engem schéinen, flaache Broschtkuerf ze liewen.

www.mengwiel.org

Versioun 2025.01

Meng Wiel

- Evenementer
- Informatiounen
- Linken
- Neiegkeeten

De schéine flaache Verschloss no enger Mastektomie bei Broschtkriibs

**www.mengwiel.org**

# Meng Wiel

**informéiert iwwer den ästhetesch, flaache Verschloss no enger Mastektomie bei enger Broschtkriibserkrankung.**
**Et ass eng nei Méiglechkeet vun Thoraxrekonstruktioun.**

*Am englesche Sproochgebrauch heescht dës Zort vu Rekonstruktioun:*
**“Aesthetic Flat Closure – AFC”**

*Op franséisch soe mir:*
**“Garder un Buste Plat”**

*Op lëtzebuergesch soe mir:*
**“Schéi flaach sinn”**
*oder*
**“Ästhetesch flaach Broschtkuerfrekonstruktioun”**

**Frae wielen den AFC well**

- → Flaach sinn ass gesond. Et entwéckele sech wéineg Komplikatiounen. Eng Fra ass séier erëm a Form an et gi keng Risiken op laang Dauer duerch den AFC.
- → Flaach sinn ass fleegeleicht. Et brauch kee Friemkierper andauernd kontrolléiert ze ginn an et brauche keng zousätzlech Operatioune gemaach ze ginn.
- → Flaach sinn ass eng valabel Alternative. Studie beweisen datt schéi flaach operéiert Frae genee esou zefridde sinn, wéi Fraen déi e Broschtopbau mat Silikon oder Eegentissu hunn.
- → Flaach si gesäit gutt aus. Duerch den ästhetesch, flaache Verschloss gesäit de Broschtkuerf flaach an natierlech aus. D'Gezei dreet sech besser a verrutscht net. Prothesen hale besser.
- → Flach si bréngt mat sech, datt sportlech Aktivitéite méi einfach ze maachen sinn. Eng Fra mat engem "Buste Plat" brauch keng speziell an deier Ënnerwäsch oder Hëllefsmëttel méi, wa si dat net wëll.

---

## Kontakt

**Meng Wiel**

www.mengwiel.org

mengwiel@gmail.com

Meng Wiel



© iStockphoto

## Den ästhetesch, flaache Verschloss

Ass eng Operatiounsmethod fir Broscht-kriibspatientinnen, wann eng Broscht oder di zwou Bréscht mussen erofgeholl ginn.

De Broschkuerf gëtt esou zougemaach, datt kee Broschttissu, kee Fett a keng Haut iwwerstinn. Et dierfe keng Kaulen entstoen. D'Äerm musse voll beweeglech sinn. De Broschtkuerf ass schéi flaach mat propper gebitzte Cicatricen. Am Fall vun enger doubler Mastektomie ass de Broschtkuerf symetresch.

Den ästhetesch, flaache Verschloss ka selbstverständlech och gemaach ginn, wa Broschtimplantater erausgeholl ginn oder Bréscht präventiv mussen oder wëllen erofgeholl ginn, wann eng Patientin z. B. vun enger BRCA 1 oder BRCA 2 Mutatioun betraff ass.
Den ästhetesch, flaache Verschloss muss och männleche Broschtkriibspatienten no enger Operatioun zegutt kommen.

## Et ass wichteg wéi's du ausgesäiss!




© Not Putting on a Shirt

- → Kann ech mir virstellen, fir ëmmer e flaachen Torso ze hunn?
- → Huet mäi Chirurg eng grouss Experienz fir esou e schéinen, flaachen Torso ze modelléieren?
- → Wat fir eng Operatiounsmethod ass déi richteg fir mech?
- → Weis onbedéngt dengem Dokter an dengem plastesche Chirurg, wéi's du wëlls ausgesinn. Huel Beispillfotoe mat.
- → Patientinne si vill méi zefridden, wann hir Dokteren hir Wiel ënnerstëtzen.
- → Kann ech och all Broschtprothesen no engem ästhetesch, flaache Verschloss undoen? Jo, et ass vill méi einfach an agreabel, wann däin Torso an deng Läinzeeche schéi flaach sinn.
- → Kann ech déi wichteg Decisioun, flaach wëllen ze bleiwen aleng huelen? Looss dech vun enger Psychologin oder enger Kriibsorganisatioun beroden.